

de Gromperekinnek

Et war eng Kéier...
eng grouss Këscht Gromperen.
Déi stoung am Keller vun der Bomi
hierem Haus,

schéin däischter a gutt kill.
A mëtten an dëser Këscht,
do louch déi déckste Gromper:
de Gromperekinnek.

Enges Mëttes koum d'Bomi
mat der Seibecken an de Keller
a wollt e puer Gromperen
fir mëttes am Salz ze kachen.
De Gromperekinnek wollt
awer guer net geschiet a gekacht ginn.


«Ech sinn de Gromperekinnek
an ech ginn net am
Waasser an am Salz gekacht.»
A wupps spréngt hien aus der Seibecken
an den Haif a rullt séier bis an d'Wisen.

«Abee», sot d'Bomchen,
«ech loossen dech lafen,
da kritt alt iergendeng Kanéngchen
dech téschent d'Zänn».



De Gromperekinnek
ass ëmmer weider gerullt.
«Stop», sot den Igel,
«dech déck Gromper well ech elo als Mëttegiessen.»
«Neen, ech sinn de Kinnek
an ech ginn net einfach esou

als Mëttegiessie vun engem Kéisécker gless.»
An een, zwee, dräi ass d'Gromper
fortgerullt bis an de Bësch.
«Mmmhmm»,
seet do een déckt Wëllschwäin,
«déi Gromper do kënt grad richteg,
ech si guft hongerech».
->Oh neen, ech sinn net
der Bomi fortgerullt,
dem Igel entkomm, fir datt s du mech
mir näischt dir näischt einfach ëss.»



De Gromperekinnek
ass entsat
a rullt ëmmer méi
déif an de Bësch.
«Bleif stoen», jätzt den Hues,
«sou eng déck Gromper
hunn ech nach net gesinn.
Déi well ech iessen.»
De Gromperekinnek
mécht sech op d'Been,
fir esou séier wéi
méiglech fortzelafen
a leeft direkt an d'Richtung vum Hexenhaischen.



Do seet d'Hex och schon:
«Mmmhmm,
ween hu mer dann hei?
De Gromperekinnek!
Dech kéint ech fir
meng Hexekiche gebrauchen.
Aus dir kéint ech
en Zaubertrank mixen.»
«Neen, neen, neen,
hält dat dann ni op»,
seet de Gromperekinnek,
a rullt esou séier et geet
aus dem Bësch eraus.



Do begéint en zwee aarme Kanner.
Déi haten Hunger a soten:
«Kuck emol, déi schéin déck Gromper.
Wa mer déi doheem hätten,
da kéint d'Mamm eise gudder
Gromperekichelchen doraus baken.
Dat wär e kinnekleche Menu.»
Do huet de Gromperekinnek
sech afänke gelooss an ass mat de Kanner heem gang.
Déi kruten als Mëttegiessen
e kinnekleche Menu:
e gudden, décke
Gromperekichelchen.

Fräi iwwersat nom
Wilhelm Matthiessen

